N°1999
Entrée le 03.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Um Portail des marchés publics ass aktuell eng Ausschreiwung vum Mobilitéisministère publizéiert (Referenz 2500356), deen de Schülertransport am Süden vum Land betrëfft.

Am Staatsbudget fir 2025 sinn 54 Milliounen virgesinn fir d'Konventioun mam TICE a ronn 52 Milliounen fir de Schülertransport. (*Budgetsposten:*

- *Services publics d'autobus assurés par le Syndicat des T.I.C.E. en exécution de la convention conclue avec l'Etat - Cnlsde;*
- *Transports scolaires assurés par des entreprises privées en exécution des contrats de services publics conclus avec l'Etat).*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Handelt et sech bei däser Ausschreiwung ëm de Schülertransport, deen aktuell nach vum TICE realiséiert gëtt?
2. Kann d'Ministesch bestätegen, dass och net-usässeg europäesch Firme fir dës ëffentlech Ausschreiwung zougelooss sinn?
3. Wéi vill Suen kritt den TICE dëst Joer fir de Schülertransport?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten